LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle

Luxembourg, le 22 septembre 2008

De 26. September ass den ‘’europäeschen Dag vun de Sproochen’’, eng Iddi vum Conseil de l’Europe. Deen Dag ass déi éischte Kéier 2001 gefeiert ginn.
Et geet drëm ze weisen, wéi wichteg et ass Sproochen ze léieren. Wa mir vill Sprooche kënnen, da kommen mir gutt an der Welt zuweee a mir si kapabel eis mat ville Mënschen ze verstännegen, heiheem, a ganz Europa, op der ganzer Welt. Mir mierken huerteg, datt de Räichtum an d’Diversitéit vun de Sproochen a Kulturen enorm ass. Aleng an Europa gëtt et iwwer 200 Sproochen, dobäi kommen nach déi Sproochen, déi d’Leit, déi vun anere Kontinenter stamen, hei schwätzen. Säi ganzt Liewe laang kann ee Sprooche léieren.

Fir den ,,europäeschen Dag vun de Sproochen’’ dëst Joer ze feieren, maache mir Iech déi heite Propositioun:

- An all d’Klasse vum Préscolaire a Primaire kënnt e Plakat, gemoolt vun der Illustratrice Muriel Moritz.
- Zu dësem Plakat schreiwen d’Schülerinnen an d’Schüler aus dem Primaire eng Geschicht. Si wiele selwer déi Sprooch eraus, an där si schreiwe wëllen.
- Dat soll an der Klass geschéien, an zwar freides, de 26.September, offiziellen Datum vum europäeschen Dag vun de Sproochen.
- Dës Geschichte ginn ageschéckt (handgeschriwwen oder getippt) mat dem Numm a Virnumm vum Kand, d’Schouljoer mat der Schoul, d’Adress an och d’Nationalitéit vum Kand, bis spéitstens den 30.September.
- Eng Parti Geschichte ginn ausgewielt, an duerno op DVD opgeholl, woubäi d’Kand seng Geschicht net virliest, mä se a senger Mammesprooch erzielt. D’Opnahm geschitt duerch e professionnellen Team
- Dës DVDe ginn duerno an d’Klasse verdeelt
- D’Léierpersonal aus dem Préscolaire an aus dem 1. Schouljoer ass häerzlech invitéiert, d’Kanner Geschichten erzielen ze loossen an se ze enregistréieren. Och dës Geschichte sollen op de Ministère geschéckt ginn (sou wéi uewe beschriwwen).

Vill Spaass beim Erzielen a beim Schreiwen!

Adress fir Är Korrespondenz:

Ministère de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle
SCRIPT - Bureau 224
L-2926 Luxembourg

Coordinatioun : Jeanne Offermann Josiane Schaul (MENFP/SCRIPT)